N°8216
Entrée le 28.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Minister fir Immigratioun an Asyl, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Ufro 8216 vum 7. August 2023 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

Allgemeng gëllt nom Artikel 34 vum Immigratiounsgesetz vum 29. August 2008, dat en Drëttstaatler, deen a Lëtzebuerg areese well am Besëtz vun engem valabele Reesdokument muss sinn.

Déi Regel gëllt och fir en Drëttstaatler, deen am Kader vun enger Demande fir e Regroupement familial bei en Familljemember op Lëtzebuerg komme well, egal op en sech am oder ausserhalb vum Schengenraum befënnt. En Drëttstaatler, deen vun engem Memberstaat internationale Schutz unerkannt krut, ass deementspriechend am Besëtz vun engem Reesdokument deen dat Land ausgestallt huet, wéi zum Beispill e Flüchtlingspass (Titre de voyage pour réfugiés).

All Drëttstaatler muss seng Demande fir e Regroupement familial ausserhalb vu Lëtzebuerg maachen an däerf och just a Lëtzebuerg areese wann déi Demande, duerch d'Ausstelle vun enger Autorisation de séjour temporaire, accordéiert gouf. Wann den Drëttstaatler visaflichteg ass ,muss mat där Autorisatioun e Visa ugefrot gi fir kënnen an de Schengenraum anzereesen.

Wéi eng Dokumenter am Kader vun enger Demande fir e Regroupement familial gefrot ginn, hänkt vun der familiärer Bindung of. Op alle Fall muss d'Identitéit vun der Persoun, déi well op Lëtzebuerg kommen an d'familiär Bindung mat der Persoun déi schonn am Land ass, bewise sinn. Et gëtt keen Ënnerscheed gemaach ob déi Persoun nach am Hierkonftsland, a soss engem Drëttstaat oder an engem Memberstaat befënnt an wat fir ee Statut um Niveau vun der Immigratioun déi Persoun an deem Land huet.

All Demande gëtt traitéiert, wann nach Dokumenter feelen, ginn déi nogefrot.

Wann all d'Konditioune vum Regroupement familial erfëllt sinn, an d'Identitéit vum Concernéierte gekläert ass, d'Persoun awer net am Besëtz vun engem valabele Reesdokument ass an och keen vu sengen nationalen Autoritéite kréie kann, gëtt d'Autorisation de séjour temporaire ausnamsweis awer ausgestallt. Deemno a wat fir engem Land d'Persoun sech befënnt kann entweder en Emergency travel document bei den Autoritéite vum Land wou si sech befënnt ugefrot ginn. Als Alternativ kann e Laissez-passer vun der kompetenter Lëtzebuerger Ambassade oder enger Vertriedung ausgestallt ginn. Mat deem Dokument, an dem eventuelle Visa, kann d'Persoun dann op Lëtzebuerg reesen.

Lëtzebuerg, den 25. August 2023
Minister fir Immigratioun an Asyl
(s.) Jean Asselborn